

## Allgemeng

- Ech si fir mäin iPad verantwortlech, passen drop op a weess, dass e geléint ass.
- Den iPad ass mäin Aarbechtsgerät dat ech just fir schoulesch Zwecker notzen.
- Wann ech an d'Schoul kommen, ass mäin iPad mat Tastatur a Pencil komplett opgelueden, funktionéiert an huet genuch Späicherplaz fir Schoulinhalter.
- Ech kenne meng Logins a perséinlech Passwierder fir mäin Aarbechtsinstrument a meng Appen ze benotzen.
- Ech benotze meng offiziell Mail Adress vun der Schoul.
- Ech gi meng Noriichten an Aufgaben op TEAMS reegelméisseg kucken.
- Bei technesche Problemer wenden ech mech un den Helpdesk:  
[helpdesk.lrsl@cgie.lu](mailto:helpdesk.lrsl@cgie.lu)

## Am Cours

- Ech pake mäin iPad némmen aus, wann ech d'Erlabnis vum Enseignant hunn.
- Ech desaktivéieren den Toun an och all Matdeelungen (Notifications), fir net ofgelenkt ze sinn.
- Ech benotzen mäin iPad némmen fir dat wat vun mengem Enseignant gefuerdert gouf.
- Mäin Enseignant huet d'Recht op mäin iPad ze kucken an en temporär ze spären.
- Ech schécke keng privat Message während dem Cours.
- Ech kann zu all Moment mäi Contenu um iPad resp. an der Cloud erëmfannen.

## Respektvollen Ëmgang

- Ech benotzen mäin iPad net fir Beleidegungen a Frechheeten ze verbreeden.
- Ech respektéieren menge Matschüler hiren iPad a bedreiwe kee Vandalismus.
- Ech maachen an deelen ouni Erlabnis keng Opnamen vu Schüler, Enseignanten, dem Schoulpersonal oder der Tafel.
- Ech respektéieren de Copyright an ginn all meng Quellen un.

**Ech si mir bewosst, dass all Mössbrauch a Feelverhale bestrooft gëtt.**

**iPad  
Charta**

**LRSL**